## WAT ASS EIGENTLECH DEN DSP?

- Den DSP ass Äre perséinlechen a gesécherten elektronesche Gesondheetsdossier, deen ënnert Ärer direkter Kontroll ass.
- En zentraliséiert Är wesentlech Gesondheetsdonnéeën, déi zu Lëtzebuerg hebergéiert ginn, an déi vun de Gesondheetsberuffler, déi Iech als Patient begleeden, agedroë goufen.
- E gëtt zu all Moment e kloren Iwwerbléck iwwert Äre Gesondheetszoustand. Hien erméiglecht et de Gesondheetsberuffler, Äre medezineschen Encadrement z'optimiséieren, an eng effizient medezinesch Begleedung a Koordinatioun vun der Fleeg ze gestalten.
- En erméiglecht op dës Manéier eng besser Koordinatioun vun Ärer medezinescher Betreiung zu Gonschte vun Ärer Gesondheet.
- E gëtt vum Staat finanzéiert, an huet eng zolidd legal Base.



## D'AGENCE eSANTÉ :

- gouf beoptraagt en héije Sécherheetsniveau ze garantéieren.
- ass responsabel fir d'Sécherheet an de Schutz vun Äre Gesondheetsdonnéeën, déi an Ärem DSP agedroe sinn.
- suergt dofir datt déi néideg Sécherheetsmesuren agehale ginn, fir datt een héichstméiglechen Niveau vu Sécherheet an Dateschutz garantéiert ka ginn.

**Den DSP, zu Gonschte vun Ärer Gesondheet an am Déngscht vun de Gesondheetsberuffler déi Iech betreien**

# ÄRE VIRDEEL VUM DSP:

- En zentraliséiert all Är wesentlech Gesondheetsdonnéeën.
- En erliichtert den Echange tëschent Iech an de Gesondheetsberuffler.

**Dir gitt aktiv un Ärer Gesondheet bedeelegt, a behaalt den Iwwerbléck iwwer d'Zougäng an iwwer d'Zougrëffsrechter.**

## DIR HUTT FROEN ODER BRAUCHT HËLLEF?

Kuckt Iech eisen Internet-Site **www.esante.lu** un an d'Rubrik FAQ oder kontaktéiert eise méisproochegen Helpdesk:

- per Telefon: (+352) **27 12 50 18 33**
- via eisen Online-Formulaire:


AGENCE eSanté LUXEMBOURG
Agence nationale des informations partagées dans le domaine de la santé

Siège social: 161, rue du Kiem, L-8030 Strassen
Post Adress: B.P. 2511, L-1025 Luxembourg

RCS Lux N° C-69


Suivéiert eis op :


LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

my DSP Ma santé au cœur de nos échanges




my DSP
Ma santé au cœur de nos échanges

Labosresultater

Rapporte vu medezinesche Consultatiounen

Resultater vun Äre Röntgen

« Résumé patient »

Rapporten iwwer d'Spidolsopenthalter

Ordonnancen

(....)

# myDSP


## DOSSIER DE SOINS PARTAGÉ

**Den DSP ass Äre perséinlechen a gesécherten elektronesche Gesondheetsdossier deen Är wesentlech Gesondheetsdonnéeë regroupéiert**


AGENCE eSanté LUXEMBOURG
Agence nationale des informations partagées dans le domaine de la santé

# ÄREN DSP

**Bedeelegt Iech aktiv un Ärer Gesondheet, an Zesummenaarbecht mat de Gesondheetsberuffler, déi Iech als Patient betreien**




- ersetzt net de Patientendossier deen déi verschidde Gesondheetsberuffler bedreiwen a weiderhi mat hire gesammelten Notten betreffend Ärer Behandlung aktualiséieren; si wäerten nëmmen déi Donnéeën, déi relevant si fir d'Kontinuitéit vun der medezinescher Versuergung, an Ärem DSP androen.
- enthält keng Dokumenter bei senger Ouverture; den DSP wäert sech mat der Zäit fëllen, nodeems d'Aktivéierungsprozedur déi am Bréif vun der Agence eSanté erklärt gëtt, ausgefouert ginn ass.



## DEN ZOUGANG OP ÄREN DSP:

- ass méiglech nodeems Dir Ären eSanté-Kont aktivéiert hutt :
  - iwwer de Portal **MyGuichet.lu**, an Ärem private Beräich, mat engem LuxTrust-Produit

  oder

  - iwwer de Portal **www.esante.lu** oder an der **mobil App MyDSP,** mam Aktivatiounscode, deen am Bréif vun der Agence eSanté enthale war
- ass nëmme fir Iech selwer geduecht, a fir déi zu Lëtzebuerg autoriséiert Gesondheetsberuffler, déi an Ärem Traitement agebonne sinn, an déi vun Iech en Zougräffsrecht kritt hunn.
- ass noweisbar, well Dir zu all Moment d'Méiglechkeet hutt fir ze gesinn, wien Zougang hat a wéini.
- kann, wann Dir dat wënscht, engem vun Iech gewielten "DSP-Assistent" uvertraut ginn, deen identesch Zougräffsrechter wéi Dir selwer kritt, fir datt hien Iech bei der Gestioun vun Ärem DSP begleede kann.

## ÄR RECHTER BEZÜGLECH ÄREM DSP:

- Dir hutt en Abléck op all Gesondheetsdonnéeën déi an Ärem DSP gespäichert goufen (ginn 10 Joer gehale wéi vum Gesetz virgesinn).
- Dir decidéiert wiem Dir Zougräff op Ären DSP gitt.
- Dir entscheet wéi eng Donnéeën dran agedroen ginn.
- Dir kënnt de Vertraulechkeetsgrad vun de verschiddenen Dokumenter definéieren.
- Dir kënnt selwer am "espace privé" vun Ärem DSP Gesondheetsdonnéeën androen.
- Dir kënnt zu all Moment Ären DSP zoumaachen an nees opmaache loossen.